

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Roll vum Handwierk an der Gesellschaft an notamment der entsprecherender Beruffsausbildung souwéi hir Integratioun an den öffentleche Schoulsystem ass en Thema, wat zu Lëtzebuerg ëmmer rëm kontrovers diskutéiert gëtt, net zulescht während enger Interpellatioun den 10. Mäerz an der Chamber.

An deem Sënn géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass, de PII (Projet intégré intermédiaire) net als Module am Lycée ze féieren, virun allem wann een en Apprentissage adulte mécht. Leit, déi en normalen Apprentissage maachen, erliden am Fall vun engem Echech finanziell Aboussen, déi Leit, déi en Apprentissage adulte maachen, allerdéngs net. Wéi gëtt dës Handlung gerechtfäerdigt, wuelwëssend datt e Léierbouw/Léiermeedche genau déi selwecht finanziell Ausgaben huet?
- 2) Wéi vill Leit si während de Joren 2010-2020 mat enger ofgeschlossener Beruffsausbildung an de Chômage gefall? Wéi stoungen dës Zuelen a Relatioun zu deene Leit, déi mat enger Première oder engem akademeschen Diplom an de Chômage gefall sinn?
- 3) An der Beruffsausbildung si vun 2000 bis 2020 insgesamt 180 verschidden Ausbildungsméiglechkeeten ugebuede ginn. Wéi hunn d' Klasseneffektiver sech iwwert dee genannten Zäitraum pro Branche a Schouljoer zesummegeat?
- 4) Wéi presentéieren d'Zuelen sech am Sënn vun der Fro virdrun fir d'Formatioun Smarttechnologies säit hirer Aféierung?
- 5) Wéi vill Schüler hunn sech fir d'Schouljoer 2021/22 fir follgend Formatiounen ugemellt: DAP Education, DAP Electro-technologies, technicien en communication et tourisme, technicien horticole en paysagisme?
- 6) Gëlt de CNFPC (Centre National de Formation Professionnelle Continue) dem Gesetz no als offiziell Ausbildungsplaz vum MENJE?
- 7) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng Ursachen dogéint schwätzen, d'Remuneratioun während der Beruffsausbildung ze standardiséieren? Besteet hei net d'Gefor vun der Ofwärtung vun eenzele Beruffer?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten